DE PINKSY ASS VERSCHWONNEN!

Eng kleng Geschicht iwwer Wuelbefannen

Dëst Buch ass an Zesummenaarbecht
mam C 2.2 „Aqua" aus der Villa Mirabella vu Wooltz
am Schouljoer 2021/2022 entstanen.

E ganz besonnesche MERCI soe mir
dem Cassandre, Lisandra, Marcia,
Nour an Thomasia.

Dës Geschicht géif et ouni är Fantasie
an är Iddien net ginn.

Begleetmaterial mat Aktivitéiten a Spiller
zum Theema „Wuelbefanne" fannt dir hei:

https://www.plomm.lu/pinksy/

Text vum Andy Genen
Zeechnunge vum Eglantine Denis

DE PINKSY ASS VERSCHWONNEN!

Eng kleng Geschicht iwwer Wuelbefannen




Dat hei ass de Pinksy.

De Pinksy ass dësem Meedche säin Hond a gläichzäiteg och säi beschte Kolleeg. Mee virun allem erënnert en hatt u seng Boma, déi hatt sou gär hat. D'Meedchen huet de Pinksy vu senger Boma geschenkt kritt an elo ass d'Boma gestuerwen.

Och dem Meedche seng Eltere sinn ëmmer nach traureg wéinst der Boma hirem Doud. Dofir traut hatt sech net, fir mat hinnen iwwer si ze schwätzen.

Hatt erzielt dann eeben ëmmer dem Pinksy alles, wat him um Häerz läit. Mee leider ass de Pinksy haut op eemol verschwonnen an d'Meedchen ass elo nach méi traureg. Also mécht hatt sech op d'Sich no him.





Dëse Jong wunnt mat sengen Elteren an engem Appartement um leschte Stack vun engem groussen Héichhaus. Leider musse si daagsiwwer bal ëmmer laang schaffen, an dofir gesi si sech net esou dacks, wéi hien dat gäre wéilt. Dat mécht natierlech och seng Elteren traureg, well si jo och gäre méi Zäit mat hirem Bouf verbrénge wéilten.

Eng Privatschouljoffer kënnt reegelméisseg bei si heem, fir him Schoul ze halen. Dofir gesäit hien net vill aner Kanner a langweilt sech oft.

Well hie sech enges Mëttes nees eleng fillt, beschléisst hien erauszegoen an no Kanner ze sichen, mat deenen hie spillen an eppes ënnerhuele kann.



Dëst Wiese wunnt an engem klenge Bësch matzen an der Stad. Nuets läit et um Réck um Buedem am Gras a kuckt erop an dee schéine Stärenhimmel.

Mee elo ass et gewuer ginn, datt op der Plaz vu sengem Bësch nei Haiser solle gebaut ginn. Dowéinst muss d'Wiesen elo vun do fortgoen, éier d'Baggere kommen an alles platt maachen. Et freet bei Leit ëm Hëllef, mee déi wëllen näischt mat him ze dinn hunn. Verschiddener nennen et „Monster" a wiesselen d'Stroossesäit, soubal si et vu Wäitem gesinn.

Anerer fänke souguer u mat jäizen oder lafe virun him fort. Elo huet d'Wiesen also keen Doheem méi a fillt sech ganz eleng.





Déi dräi sinn elo dobaussen ënnerwee, jidderee ganz fir sech eleng.

Well et hinnen net gutt geet a si sech onwuel fillen, hunn hir Haut, Hoer a Kleeder ganz traureg Faarwen.



Duerch Zoufall komme se all zur selwechter Zäit op déi selwecht Plaz.

D'Wiesen ass ganz iwwerrascht, well et fir d'éischte Kéier mat Mënschen zesummen ass, déi keng Angscht virun him hunn an et och net „Monster" nennen.

An esou erziele si sech allen dräi géigesäiteg hir Geschicht an no wat si op der Sich sinn.

D'Wiesen an de Jong wëllen dem Meedchen hëllefen de Pinksy erëmzefannen, an esou entscheede si sech all zesummen, sech op d'Sich no him ze maachen.





Op hirer Rees komme si an en däischtere Bësch. D'Kanner fänken un Angscht ze kréien. D'Wiese kritt dat mat a seet hinnen, datt si sech keng Gedanke brauchen ze maachen an datt et si beschütze wäert, falls iergendeppes geschéie sollt.

Iwwer dem Trëppele schwätze si vill mateneen an erziele sech allméiglech Saachen a Geschichten. Wat si méi laang ënnerwee sinn, wat si sech ëmmer besser kenne léieren a verstinn.

De Jong ass frou, datt hien elo endlech Kolleege fonnt huet, mat deenen hien zesummen eppes ënnerhuele kann. Op eemol geet en hellen, faarwege Liichtblëtz vun him aus an dono erschéngen hien a seng Kleeder an deene schéinsten, knallegste Faarwen. Déi dräi kucke sech géigesäiteg verwonnert un a froe sech, wat dat doten dann elo grad war. An da versti se: De Jong fillt sech elo net méi eleng. Hien ass glécklech.

Si gi weider op d'Sich nom Pinksy a geroden ëmmer méi déif an den däischtere Bësch.

Op eemol bleift d'Meedche stoen a weist deenen aneren zwee, datt si roueg solle sinn. Si lauschteren an de Bësch eran. Vu Wäitem héiere si luest Gebills. Si gi weider an déi Richtung, wou d'Geräisch hierkënnt, a komme bei e groussen, ale Bam. D'Kanner erféiere fatzeg, wéi se hannert dem Bam e puer däischter Gestalten entdecken. D'Wiese stellt sech direkt virun d'Kanner, fir se ze beschützen. Mee wéi se méi genee kucken, gesi se, datt déi Gestalten a Wierklechkeet aner friddlech Wiese sinn, déi zanter Joerhonnerte scho mat den Déieren am Bësch zesumme wunnen.



Op eemol kënnt och de Pinksy erbäigelaf.
Hie war engem Hues bis an de Bësch nogelaf.
Well hien dono awer de Wee fir zeréck net méi fonnt huet, huet hie sech tëschent den décke Wuerzele vun deem groussen, ale Bam verstoppt.
D'Wiesen hunn hien do fonnt an hu vun do un op hien opgepasst a sech ëm hie gekëmmert.

D'Meedche leeft bei de Pinksy an hëlt en an den Aarm. Wärend hatt en heemelt, geet op eemol en hellen, faarwege Liichtblëtz vun him aus an dono erschéngen hatt a seng Kleeder an deene schéinsten, knallegste Faarwen. Déi dräi kucke sech géigesäiteg un a verstinn: D'Meedchen ass frou, datt de Pinksy nees do ass an datt him näischt geschitt ass. Hatt ass glécklech.



Well si jo elo de Pinksy erëmfonnt hunn, mengt d'Wiesen, datt et elo net méi gebraucht gëtt. Et seet de Kanner Äddi a wëll sech eleng weider op d'Sich no enger neier Plaz maachen, wou et kann doheem sinn. Mee d'Kanner wëllen net, datt et einfach esou fortgeet a si et dann ni méi erëmgesinn. De Jong seet, datt et sech bei him doheem verstoppe kéint, bis si eng aner Léisung fonnt hätten.

Déi aner Wiesen héieren dat a soen, datt et jo och bei hinnen am Bësch wunne kéint. Op eemol geet vum Wiesen en helle, faarwege Liichtblëtz aus an dono erschéngt et an deene schéinsten, knallegste Faarwen. Si kucke sech all géigesäiteg un a verstinn: D'Wiese freet sech, datt d'Kanner et esou akzeptéieren, wéi et ass, an et net als „Monster" gesinn. An et ass gläichzäiteg immens frou, datt et aner Wiese fonnt huet, déi wëllen, datt et vun elo u mat hinnen am Bësch lieft. Et ass glécklech.


D'Kanner soen dem Wiesen Äddi a verspriechen, et esou séier wéi méiglech nees an de Bësch besichen ze kommen.

Um Réckwee erschéngt hinnen de Bësch elo guer net méi esou däischter. Se héieren elo d'Villercher sangen a gesinn och dat eent oder anert Déier iwwer de Wee lafen. Se hunn elo keng Angscht méi.

Wéi d'Kanner nees gesond a monter doheem ukommen, sinn hir Elteren iwwerglécklech. Si hate kee rouege Moment méi, well d'Meedchen an de Jong verschwonne waren, an hunn alles versicht, fir si erëmzefannen. Wéi se d'Kanner froen, firwat si fortgelaf sinn, soen déi zwee, datt se eppes a sech haten, dat se onglécklech an traureg gemaach huet.

D'Eltere lauschteren de Kanner opmierksam no, wéi se iwwer hir Gefiller schwätzen. Dat deet de Kanner gutt a si si frou, datt se iwwer dat schwätze kënnen, wat se bedréckt.





Zanterhier sinn d'Kanner an d'Wiesen déi bescht Kolleegen a si verbrénge ganz vill Zäit mateneen. Si spillen zesummen, erziele sech Geschichten, molen a bastelen a maachen och soss immens flott Saachen zesummen. Déi eng Kéier ginn d'Kanner bei d'Wiesen an de Bësch, déi aner Kéier kënnt d'Wiese bei si heem. An och wann et hinnen heiansdo net esou gutt geet, si si fireneen do, well si scho vill zesummen erlieft hunn. An egal wou se och sinn, ob bei hiren Elteren oder hire Kolleegen, et geet hinne gutt a se fille sech net méi traureg an onwuel. Well se wëssen, datt se net eleng sinn a sech géigesäiteg hunn.

An DU, wat mécht DECH frou am Liewen ...?

.....

.....



© 2023 Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Direction générale du secteur de l'enfance - Service de l'éducation et de l'accueil
L-2926 Luxembourg

Kannermusée PLOMM
24, Campingstrooss
L-9554 Wiltz



© 2023 Editions Schortgen
1, rue Charly Gaul
L-4968 Schouweiler

editions@schortgen.lu
www.editions-schortgen.lu



Text: Andy Genen, Kannermusée PLOMM mat engem Grupp Kanner
Zeechnungen: Eglantine Denis
Korrekturen: Myriam Welschbillig

Begleedenden Aarbechtsgrupp: Naomi Eiro, Andy Genen, Nicole Hekel, Julie Kirchen, Lena Schortgen, Denise Villànyi, Lucie Waltzer

Layout: Eglantine Denis - Schortgen*grafic*
Drock: Schortgen*bookprint*

ISBN: 978-2-919792-27-6

All Rechter gehéieren dem MENJE, dem Kannermusée PLOMM an dem Verlag.